

# Den éiwege Sträit zwëschen deene vu Fatzbeidel an deene vu Rappdeckel



**Roland Meyer**

--	--

## D'Rollen

<u>D'Fatzbeidelen, déi Giel</u>	<u>D'Rappdeckelen,déi Blo</u>
Juliette – dem Kinnek säi Meedchen	Romain – dem Kinnek säi Jong
Erna – d’Kinnigin	Josée – d’Kinnigin
Alex – de Kinnek	Robert – de Kinnek
Astrid – dem Juliette séng Bomi	Irma – dem Romain seng Bomi
Jacques – der Bomi hire Mann	Jang – der Bomi hire Mann
Lydie – dem Juliette seng kleng Schwëster	Sonni – dem Romain seng kleng Schwëster
Mulles & Ulla & Marechen & Aly: Fatzbeidelen	Arni & Berta & Maddy & Emile: Rappdeckelen

### D'Fatzbeidelen, déi Giel

Juliette: \_\_\_\_\_  
Erna: \_\_\_\_\_  
Alex: \_\_\_\_\_  
Astrid: \_\_\_\_\_  
Jacques: \_\_\_\_\_  
Lydie: \_\_\_\_\_  
Mulles: \_\_\_\_\_  
Ulla: \_\_\_\_\_  
Marechen: \_\_\_\_\_  
Aly: \_\_\_\_\_

### D'Rappdeckelen,déi Blo

Romain: \_\_\_\_\_  
Josée: \_\_\_\_\_  
Robert: \_\_\_\_\_  
Irma: \_\_\_\_\_  
Jang: \_\_\_\_\_  
Sonni: \_\_\_\_\_  
Arni: \_\_\_\_\_  
Berta: \_\_\_\_\_  
Maddy: \_\_\_\_\_  
Emile: \_\_\_\_\_

*D'Bühn ass duerch eng Mauer aus Kartrongskëschten an zwee gläichgrouss Deeler gedeelt. Op all Säit sëtzt de Kinnek op sengem Troun, ëmgi vun senge*

*Leit. Op dienen zwou Säite gesäit et genee d'selwecht aus. Während op dier enger Säit gespillt a geschwat gëtt, ass et op dier anerer Säit ganz roueg, d'Acteure bougéieren net, si sinn onbeweglech wéi op engem Bild.*

### **1: Bei de Fatzbeidelen:**

Alex: Leit aus dem Land vun deene vu Fatzbeidel, sidd mer gegréisst. Haut feiere mer nees eng Kéier eist traditionellt Fest vun der laanger Nues.

Leit: Ah!

Alex: Wéi schonns zënter Joerhonnerten doe mer haut, um Dag vun eisem éischte Keeser, dem mächtege „Nueserich“, seng Nues an eiser aller Nationalfaarf GIEL op!

Leit: Oh! *nodeems all hir Nuesen opgedoen hunn.*

Alex: Huet jiddereen seng Nues op?

Leit: Jo mäi Kinnek!

Erna: Oh Leit aus dem Räich vun deene vu Fatzbeidel, endlech, no engem laange Joer Waarden, ass et erëm esouwäit: mir kënnen deene vu Rappdeckel, deene BLOEN, eng laang Nues maachen, an eist Lidd sangen:

### **Lidd vun de Fatzbeidelen:**

Jo, jo, jo, jo,  
Wat sinn déi Rappdeckele blo,  
Nee, wat sinn déi schro,  
A wat sinn déi blo,  
Wat ass dat eng Plo,  
Wat sinn déi Rappdeckele blo!

Dir léif Leit alleguerten, lauschtert ganz gutt no,  
Mir schwätze vun engem Iwwel, et ass esouguer eng Plo,  
Si nenne sech Rappdeckel, mee a Wierklechkeet sinn si,  
Sou richtig ruppeg Rotzerten, ewéi si, esou gi mir ni!

Jo, jo, jo, jo,  
Wat sinn déi Rappdeckele blo,  
Nee, wat sinn déi schro,  
A wat sinn déi blo,  
Wat ass dat eng Plo,  
Wat sinn déi Rappdeckele blo!

Si soe si wire blo, mee si sinn zevill blo,  
Sou blo ka guer kee Mënsch méi sinn, si si ganz einfach schro,  
Si sinn esou ganz anescht, esou friem an onbekannt,  
Sou schrecklech onmannéierlech, wéi dir soss guer kee fannt!

Jo, jo, jo, jo,  
Wat sinn déi Rappdeckele blo,  
Nee, wat sinn déi schro,  
A wat sinn déi blo,  
Wat ass dat eng Plo,  
Wat sinn déi Rappdeckele blo!

## **2. Bei de Rappdeckelen:**

Flëpp: Kinnek, Kinnek!

Robert: Jo, wie rífft mech?

Flëpp: Kinnek, Kinnek, et ass schrecklech!

Robert: Ma nonditjéft, wie schwätzt do esou duercherneen? Wou bass du?

Flëpp: Ma Kinnek, gesitt Der mech dann net? Hei enne sinn ech!

Robert: Ah, do bass de, ..., eise Flëpp, wat gëtt et Neies vun eisen Erzfeinden, de Fatzbeidelen?

Flëpp: Oh Kinnek, et ass schrecklech!

Robert: Esou schlëmm wäert et jo och alt erëm net sinn! Mee dajee, da verziel eis elo endlech, wat dass du gesinn hues!

Flëpp: Majo, d'Fatzbeidelen,...

All: d'Fatzbeidelen?

Flëpp: ... hu laang Nuesen opgedoen, ...

All: Laang Nuesen opgedoen?

Spioun Flëpp: ... an eis eng laang Nues gewisen.

All: Eng laang Nues gewisen?

Arni & Berta: Schrecklech!

Maddy & Emile: Typesch!

Irma & Jang: Onmenschlech!

Flëpp & Sonni: Eben ...

Arni & Berta & Maddy & Emile: ... fatzbeidelech!!!

Josée: Oh Kinnek Robert, mächtege Chef vun all deenen aus dem Räich vun de Rappdeckelen, dat do ass e Skandal!

Irma: Schlëmmer nach, et ass eng Katastrof!

Jang: Ech géif esouguer behaupten, et wir eng richtig Katastrof!

Arni & Berta & Maddy & Emile: Eng richtig Katastrof, dat iwuerliewe mir net!

All: *brëllen duercherneen!*

Robert: Roueg, roueg, ass et dann elo bal roueg! Dat do ass kee Skandal!

All: Kee Skandal?

Robert: Nee, an och keng Katastrof!

All: Keng Katastrof?

Robert: Et ass eng Krichserklärung! Mee mir loosse eis esou eppes net bidden!

All: Net bidden!

Robert: Mir schloen zréck!

All: Mir schloen zréck!

Josée: Awer wéi, Kinnek, wéi?

Robert: Ma mir doen och Nuesen op! Mee keng GIEL, mee BLOER!

**D'Lidd vun de Rappdeckelen:**

iel, iel, iel, iel,  
Wat sinn déi Fatzbeidele giel,  
Nee, wat sinn déi schiel,  
A wat sinn déi giel,  
An och scho ganz wiel,  
Wat sinn déi Fatzbeidele giel!

Dir léif Leit alleguerten, lauschtert ganz gutt no,  
Déi Fatzbeidelen dohannen, dat ass eng ganz grouss Plo,  
Si sinn net giel, si si méi wéi giel, esou elle wéi der Doud,  
An och nach domm a blöd derbäi, et ass eng schrecklech Nout!

iel, iel, iel, iel,  
Wat sinn déi Fatzbeidele giel,  
Nee, wat sinn déi schiel,  
A wat sinn déi giel,  
An och scho ganz wiel,  
Wat sinn déi Fatzbeidele giel!

Scho Joeren a Joer, liewen si déi Säit,  
A siche vu mueres bis owes, ëmmer nëmme Sträit,  
Si sinn esou ganz anescht, esou friem an onbekannt,  
Sou schrecklech onmannéierlech, wéi dir soss guer kee fannt!

iel, iel, iel, iel,  
Wat sinn déi Fatzbeidele giel,  
Nee, wat sinn déi schiel,  
A wat sinn déi giel,  
An och scho ganz wíel,  
Wat sinn déi Fatzbeidele giel!

### **3. Nees bei de Fatzbeidelen:**

Metti: Kinnek, Kinnek!

Alex: Jo, wie rifft mech?

Metti: Kinnek, Kinnek, et ass schrecklech!

Alex: Ma krenonditjéft, wie schwätzt do esou duercherneen? Wou bass du?

Metti: Ma Kinnek, gesitt Dir mech dann net? Hei enne sinn ech!

Alex: Ah, do bass de, ....., eise Metti, wat gëtt et Neies vun eisen Erzfeinden, de Rappdeckelen?

Metti: Oh Kinnek, et ass schrecklech!

Alex: Ma da verziel eis elo endlech, wat dass du gesinn hues!

Metti: Majo d'Rappdeckelen ...

All: D'Rappdeckelen?

Metti: ... hu sech och laang Nuesen opgesat ...

All: Och laang Nuesen?

Metti: Jo, iewer keng GIEL, mee BLOER! An dun hu se eis och nach eng laang Nues gewisen!

All: Och eng laang Nues gewisen?

Mulles & Ulla: Schrecklech!

Marechen & Aly: Typesch!

Astrid a Jacques: Onmenschlech!

Metti a Lydie: Eben ...

Mulles & Ulla & Marechen & Aly: ... rappdeckelech!

Erna: Oh Kinnek Alex, mächtege Chef vun all deenen aus dem Räich vun de Fatzbeidelen, dat do ass e Skandal!

Astrid: Schlëmmer nach, et ass eng Katastrof!

Jacques: Ech géif esouguer soen, et wir eng richtig Katastrof!

Mulles & Ulla & Marechen & Aly: Eng richtig Katastrof! Dat iwverliewe mir net!

All: *brëllen duercherneen!*

Alex: Roueg, roueg! Ass et dann elo bal roueg! Dat ass kee Skandal!

All: Kee Skandal?

Alex: Nee, an och keng Katastrof!

All: Keng Kastastrof?

Alex: Et ass eng Krichserklärung! Mee mir loossen eis esou eppes net bidden!

All: Net bidden!

Alex: Mir schloen zréck!

All: Mir schloen zréck!

Erna: Awer wéi Kinnek, wéi?



Alex: Näischt méi einfach wéi dat! Mir doen elo och nach Hitt op! Richtig schassgiel Hitt!

**Lidd vun de Fatzbeidelen:**

Jo, jo, jo, jo,  
Wat sinn déi Rappdeckele blo,  
Nee, wat sinn déi schro,  
A wat sinn déi blo,  
Wat ass dat eng Plo,  
Wat sinn déi Rappdeckele blo!

**4. Nees bei de Rappdeckelen:**

Flëpp: Kinnek, Kinnek,...

Robert: Wie rífft mech?

Flëpp: Ech Kinnek, ech, de Flëpp.

Robert: A jo, do ennen! Also Flëpp, wéi eng Noriicht bréngs du dann dës Kéier? Hunn déi Fatzerte vu Fatzbeidelen elo hir Nuesen ofgedoen; kommen se ire bei eis, fir sech ze entschëllegen, a fir mech, de grouse Kinnek Robert vu Rappdeckel zum vereenegte Kinnek vun alle Rappdeckelen a Fatzbeidelen ze kréinen?

Flëpp: Nee, Kinnek!

All: Nee?

Robert: Wéi, du wos et, mir, dengem Kinnek ze widderspriechechen?

Flëpp: Nee!

All: Nee! En huet schonn erëm nee gesot!

Robert: E mengt iewer jo!

Flëpp: Jo!

Robert: Gesitt der, elo huet e jo gesot! Da soll en elo verzielen!

Flëpp: Kinnek, et ass schrecklech!

Robert: Jo, dat hues de schonn eng Kéier gesot!

Flëpp: Et ass nach schrecklecher!

Arni & Berta: Schrecklecher!

Maddy & Emile: Typesch!

Flëpp: Nee, typescher!

Irma & Jhang: Onmenschlecher!

Flëpp & Sonni: Eben ...

Arni & Berta & Maddy & Emile: ... fatzbeidelecher!!!

Sonni: A wat ass dann elo?

Flëpp: Se hunn elo och nach GIEL, nee schassgiel Hitt op!

All: Skandal!

Josée: Katastrof!

All: Mir müssen eis wieren!

Robert: Rappdeckelen aus dem ganze Land, elo heescht et Charakter weisen!  
Mir müssen elo fest zesummestoen, fir dëse schwéiere Schlag vun eisen  
Erzfeinden, de Fatzbeidelen, ze paréieren. Mee mir fäerten se net, mir schloen  
zréck!

All: Mir schloen zréck!

Josée: Mee wéi, Kinnek, wéi?

Robert: Mir doen och eis Hitt op, mee déi blo, déi bléiblo!!!

### **D'Lidd vun de Rappdeckelen:**

iel, iel, iel, iel,  
Wat sinn déi Fatzbeidele giel,  
Nee, wat sinn déi schiel,  
A wat sinn déi giel,  
An och scho ganz wiel,  
Wat sinn déi Fatzbeidele giel!

### **5. Bei der Mauer:**

*An der Zwëschenzäit treffen sech de Romain an d'Juliette heemlech bei der Mauer. Si schaffen eng Zäitchen un de Steng an da geléngt et hinnen, e Lach an d'Mauer ze maachen.*

Juliette: Oh Romain, a wéi gesäis du dann aus?

Romain: Nëmme Juliette, du bass och net besser, mat denger laanger Nues! Et kënnt een dech bal fir eng Hex aus dem Euro-Disney halen.

Juliette: A mat dengem komeschen Hutt kënns du de Klon am Zirkus spillen!

*Si laachen an doen Hutt an Nues aus.*

Romain: T'jo, et gesäit net gutt fir eis aus! An der Lescht sinn d'Fatzbeidelen an d'Rappdeckelen erëm nees schéin hannertenee geroden!

Juliette: Jo, mäi Papp, de Kinnek Alex vu Fatzbeidel, huet de Rappdeckelen de Krich ugekënnegt!

Romain: A mäi Papp, de Kinnek Robert vu Rappdeckel, huet de Fatzbeidelen de Krich ugekënnegt!

**Mee enges Daags am Summer**  
**(Als Gedicht oder Lidd)**

Romain: Joeren a Joeren kenne mir eis schonn a mir hunn eis och ganz gär;  
Mee d'Liewen ass haart, wéi eisen Elteren hiert Häerz, eis Léift steet ënnert  
kengem gudde Stär.

Déi zwee: An dobäi kënnt alles esou schéi sinn,  
Kënnte mir eis nëmme méi dacks gesinn.

Juliette: Mäi Papp ass esou stur an och ganz streng, hie léisst mech net eraus;  
Hie seet du wiers béis a schlecht fir mech, hie späert mech dacks an d'Haus,

Déi zwee: An dobäi kënnt alles esou schéi sinn,  
Kënnte mir eis nëmme méi dacks gesinn.

Déi zwee: Mee enges Daags am Summer, räische mir dës Mauer of;  
Dann ass Schluss mat dësem Spill.  
Egal wat si soen, si kréien hir Strof, mir räischen déi Mauer of.  
Well dëst Liewe bitt vill ze vill.

Juliette: Déi eng si blo, déi aner giel, a si si géinteneen;  
Si bekucke sech net, si lauschteren net, si schwätzen net mateneen.

Déi zwee: An dobäi kënnt alles esou schéi sinn,  
Kënnte mir eis nëmme méi dacks gesinn.

Romain: So Juliette lauschter, komm dës Säit, hei ass et och ganz flott.  
Tatsächlech Romain, ewéi bei eis, déi Mauer gehéiert op de Schrott.

Déi zwee: An dobäi kënnt alles esou schéi sinn,  
Kënnte mir eis nëmme méi dacks gesinn.

Déi zwee: Mee enges Daags am Summer, räische mir dës Mauer of;  
Dann ass Schluss mat dësem Spill.  
Egal wat si soen, si kréien hir Strof, mir räischen déi Mauer of.  
Well dëst Liewe bitt vill ze vill.

## **6. Gefesselt:**

*D'Juliette an de Romain waren no hirem Lidd bei der Mauer entschlof! Si si vun de Spiounen entdeckt a verrode ginn.*

Flëpp & Metti: *Jiddereen op senger Säit vun der Mauer Kinnek, Kinnek,...*

Robert & Alex: Wie rifft mech?

Flëpp & Metti: Ech Kinnek, ech!

Robert & Alex: A jo, do ennen,... Wat hues de ze mellen?

Flëpp & Metti: Séier, Kinnek, alarméiert Är Arméien! Do ennen, op eiser Säit vun der Mauer, schléift d'Kinnekskand vun den Erzfeinden!

Robert & Alex: Séier, Leit, gräift zu de Waffen! Dee Brot do, losse mir eis net entgoen!

*Déi zwee Kinnekskanner ginn iwwerwältegt, gefesselt a festgebonden!*

### **Huelt är Flënten** **(Als Lidd oder Gedicht)**

Huelt är Flënten an huelt är Pistoulen  
Vergiesst net d'Schwärter an och net d'Kanounen  
Séier op de Wee, léiwer haut wéi muer  
Well mir soen, et geet elo duer

Eraus aus dem Haus  
Eraus aus der Scheier  
gleeft et eis, dat do gött iech eng Deier  
Romain a Juliette  
et dauert net méi laang  
da sëtzt dir --- an der Fal

Huelt är Seeler an huelt är Stréckelen  
Vergiesst net d'Fissellen an och net d'Béngelen  
Séier op de Wee, léiwer haut wéi muer  
Well mir soen, et geet elo duer

Eraus aus dem Haus  
Eraus aus der Scheier  
gleeft et eis, dat do gëtt iech eng Deier  
Romain a Juliette  
et dauert net méi laang  
da sëtzt dir --- an der Fal

### **7. Geflüsters:**

*No deem ausgeloossene Lidd leeën sech d'Leit néier a schlofen an.*

Romain: Juliette, ... Juliette, ...

Juliette: Jo, ... Romain, ...

Romain: Liefs du nach?

Juliette: Jo, Romain, ... ech liewen nach, an du ...?

Romain: Ech och. Si hu mech gefesselt!

Juliette: Mech och, oh, wat déi Stréckelen an d'Fleesch schneiden!

Romain: Ech spire meng Féiss bal net méi!

Juliette: Romain?

Romain: Jo, Juliette?

Juliette: ... Romain?

Romain: Ja, Juliette, wat ass dann?

Juliette: So Romain, wa mir eis net méi erëmgesinn, da wollt ech dir iewer nach soen, datt ech ...

*D'Spioune komme gelaf.*

## **8. Em Liewen an em Doud:**

Flëpp & Metti: Kinnek, Kinnek!

Robert an Alex: Jo, wat ass, eng Attack, eng Invasioun, eng Revolutioun?

Flëpp & Metti: Nee, Kinnek, et ass nach schlëmmer!

Robert & Alex: Dajee, e soll endlech schwätzen!

Flëpp & Metti: Eis Feinden hunn och Äert Kand!

Josée & Irma: Mäi Kënndchen! Wéi gött et mir...? ... *Fale schwaach.*

Robert & Alex: Domat sinn eis Geisele wäertlos!

Robert: Allez, erschéisst se!

Alex: An an d'Poubelle mat hinnen!

Irma: A nee mäi Kinnek!

Astrid: Net fir lech ze widdersprieche, mee ...

Jacques: Läiche si biologesch ofbaubar ...

Jang: A gehéieren op de Kompost!

Flëpp & Metti: Zaldoten, leet un! *Zaldote leeën d'Flënten un.* Een, ... zwee, ... dräi, ...

Romain: Stopp!

Juliette: Oh mei!!!

Romain: Stopp, Kinnek, erlaabt mir nach eng lescht Fro?!!

Emile: Se bréngen d'Werbung ëmmer wann et am spannendsten ass!

Alex: Allez, du hannerhältege Rappdeckel, stell deng Fro!

Romain & Juliette: Kinnek, gleeft Dir un d'Muecht vun der Léift?

Robert: Esou eng domm Fro hunn ech a mengem ganze Liewen nach net héieren!

Alex: Sot, maacht dir de Geck mat mir?

Erna & Josée: Natierlech gleewen eis Männer, déi mächtig Kinneken, un d'Muecht vun der Léift!

Robert: Wat?

Alex: Dajee alt, nëmmen, wann et déi Muecht soll ginn, ...

Robert: ... da musst dir se beweisen!

All: Jo, da musst dir se beweisen!

Romain: D'Juliette, meng heemlech Verlobten, an ech, mir bréngen et mat, ... mat Hëllef vun eiser grousser Léift fäerdeg, dës Mauer, déi d'Fatzbeidele schonns zënter Joerhonnerte vun de Rappdeckelen trennt, néierzeräissen!

Robert: So, gleefts du nach un de Kleeschen?

Alex: A wéi soll dat da goen?

Romain: Majo, ... also, ... ech mengen, ...

### **9. Eng gutt Iddi:**

Juliette: Näischt méi einfach ewéi dat! Kinnek, stellt iech emol all dofir an engem Krees zesummen!

Robert: So, méchs du de Geck mat eis?

Juliette: Soll ech iech elo d'Muecht vun der Léift beweisen oder net?



Robert: Dajee alt!

Juliette: Sou, an elo haalt iech d'Oueren zou a maacht och d'Aen zou!

Alex: Deem do Spillchen trauen ech net, du wëlls eis uschmieren!

Romain: Dir wäert engem zum Doud Veruerteelten dach net säi leschte Wonsch wëllen ofschloen?

Josée: A nee, mäi Mann ass keen Onmënsch!

Erna: Nee, ech wëll d'Muecht vun der Léift och nach eng Kéier spiren!

Romain: Ma sécher, Madame vu Fatzbeidel, fir Ären Alter gesitt Dir nach richtig gutt aus! Wann ech Iech esou kucken, spiren ech scho richtig d'Muecht!

Juliette: Romain, hal direkt op mat dénger Schwéiermamm ze kohlen! Sou, an elo séier Aen an Oueren zou!

*D'Juliette an de Romain ruffen elo d'Sonni an d'Lydie bei sech.*

*Si soen hinnen, datt si hire Brudder oder hir Schwëster net méi erëmgesi wäerten, wann si se net lassmaache géifen.*

*D'Sonni an d'Lydie bannen de Romain an d'Juliette lass.*

*Zesumme rappen si d'Steng vun der Mauer ewech a stellen all d'Leit an e Krees. Elo klappen si an d'Hänn.*

## **10. Komplimenter:**

Flëpp & Metti: Kinnek oh Kinnek, wéi schrecklech!

Arni & Berta & Maddy & Emile: Schrecklech!

Josée & Astrid: E Skandal!

Irma & Astrid: Nee, schlëmmer! Eng Katastroph!

Jang & Jacques: Eng richtig Katastroph!

Maddy & Emile: Do, kuckt, d'Mauer ass fort!

Marechen & Aly: Dat war d'Muecht vun der Léift!

Mulles & Ulla & Marechen & Aly: Jo, d'Muecht vun der Léift huet déi Mauer ofgerappt!

Arni & Berta & Maddy & Emile: An eis agespaart!

Mulles & Ulla & Marechen & Aly: Jo, elo si mir agespaart!

Arni & Berta & Maddy & Emile: A wéi komme mir nees eraus?

Robert: Gesäis du mat denger topecher Léift! Elo sëtze mir fest! An dat virun eisen Erzfeinden, deene vu Fatzbeidel!

Alex: Wat een Hohn! Ech, zesumme mat mengen Ënnerdoenen, agespaart virun den Ae vun deene vu Rappdeckel! Et ass eng Schan!

Josée: Romain a Juliette, a wéi komme mir hei nees eraus?

Romain: Wéinst menger kënnt dir hei zesumme mat ärer Dommheet verfaulen!

Erna: An d'Muecht vun der Léift?

Juliette: Genau, nëmmen d'Muecht vun der Léift kann iech elo nach retten, esou wéi eis virun!

Alex: A wéi soll dat da goen?

Juliette: Dir zwee Kinneke sollt am Numm vun Äre Leit, Iech géigesäiteg Komplimenter man!

Robert: Kee Problem! Oh du Alex vu Fatzbeidel, du bass e risegrousst Kallef!

Alex: An du, Robert vu Rappdeckel, bass e schrecklech dommen Iesel!

Juliette: A neen, Dir Hären! Komplimenter sollt Dir man!

Alex: Dat waren dach Komplimenter!

Robert: Méi kann ech hien net luewen!

Juliette: Wéi Dir wëllt!

*D'Leit rieden op hir Kinneken an!*

**11. Et geet also dach:**

Alex: Robert, du bass een .... *knoutert*.

Robert: Merci, Alex, du bass een ... *knoutert och*.

Alex: Du bass ee Kinnek!

Robert: Du bass och ee Kinnek.

Alex: Du bass e mächtege Kinnek!

Robert: An och du bass e mächtege Kinnek!

Wann Dier dien integralen Text wëllt gratis bestellen:

[meyerr@gms.lu](mailto:meyerr@gms.lu)